PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

An engem Artikel vum 21ten Oktober beliicht Reporter.lu d'Konsequenze vun de sougenannte CumEx Files. Laut Recherchezentrum CORRECTIV si weltwäit duerch Schlupflächer an den Steiergesetzer 150 Milliarden Euro u Steiereinnamen (2000-2020) verluer gaangen. Elleng zu Lëtzebuerg wieren et laut Reporter.lu 2,2 Milliarden Euro op 20 Joer.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Lëtzebuerger Staat rechtlech Schrëtt ënnerholl, fir déi verluere Steiergelder duerch Cum-Ex- a Cum-Cum-Transaktiounen ze recuperéieren?
2. Wat fir Chancë gesäit d'Regierung fir dës Zomm op mannst deelweis ze recuperéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député